N°4082
Entrée le 12.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vum Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d'parlamentaresch Fro n° 4082 vum 11. Mee 2026 vun den honorabelen Deputéierte Madame Corinne Cahen a Madamm Carole Hartmann.**

*- Wéi eng Ulaafstelle sti Persounen a ganz prekäre Situatiounen zur Verfügung, wa si sech hir Medikamenter net kënne leeschten?*

Den Office social ass déi éischt Ulafstell fir Persounen a prekäre Situatiounen. Den Office social informéiert a beréit d'Leit, ënnerstëtzt si an hiren Demarchë fir datt si Accès zu de verschiddene soziale Mesuren a Prestatiounen hunn a kann de Leit och eng aide matérielle accordéieren.

*- Kënnen d'Käschte vun de Medikamenter an deem Fall op Demande integral vun der Krankekeess iwwerholl ginn?*

Bei den Apdikten appliziéiert sech den *tiers payant*, wat bedeit dass den Assuré just seng eege Bedeelegung muss bezuelen. Dës Eegebedeelegung variéiert jee no Kategorie an déi d'Medikament fält. D'Medikamenter sinn an dräi Kategorien agedeelt, mat dräi ënnerschiddlechen Tauxe wat Prise en Charge ugeet, vu 40%, 80% an 100%.

Donieft sief bemierkt, dass den Artikel 102, Alinea 1, Punkt 1) vun de Statute vun der Gesondheetskeess (CNS)[1] en *taux de remboursement préférentiel* vun honnert Prozent fir verschidde Medikamenter, déi soss beim Assuré géifen eng héich Eegebedeelegung mat sech bréngen, virgesäit.

Laut Artikel 154*bis*, Alineaen 1 a 5 vun de Statute vun der CNS[2] besteet des Weideren d'Méiglechkeet, dass den Assuré en zousätzleche Remboursement kann ufroen, dëst am Fall wou seng Eegebedeelegung 2,5% vu sengem cotiséiertem Akommes vum vergaangene Joer iwwerschreit.

*- Falls dat net de Fall wier, kënnen dës Persounen déi reschtlech Sue beim Office Social ufroen?*

All Persoun huet d'Méiglechkeet, zu all Moment eng Ufro op finanziell Ënnerstëtzung beim Office social anzereechen.

Lëtzebuerg, den 12. Juni 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

[1] « *Le taux de remboursement préférentiel est fixé à cent pour cent (100%).*
*1) Il s'applique aux catégories de médicaments présentant cumulativement les caractéristiques suivantes :*
*a. avoir une indication thérapeutique précise,*
*b. ne contenir qu'un seul principe actif,*
*c. être irremplaçables ou présenter un intérêt vital dans le traitement de pathologies particulièrement graves ou chroniques,*
*d. susceptible d'engendrer pour la personne protégée une participation statutaire inappropriée.*
*Par dérogation à la caractéristique reprise sous b) de l'alinéa précédent, le taux de remboursement préférentiel peut être appliqué aux médicaments contenant trois principes actifs au maximum dont l'un au moins, commercialisé seul, est pris en charge au taux préférentiel, et les autres, commercialisés seuls, au moins au taux normal et à condition que l'association des principes actifs soit plus économique que les principes actifs pris séparément.* ».

[2] « *Au cours d'une année civile, la participation aux prestations de soins de santé des personnes protégées au titre de l'assurance maladie obligatoire ne peut dépasser un seuil fixé à deux pour cent et demi (2,5%) du revenu cotisable annualisé de l'année précédente.*
[…] *En cas de dépassement du seuil, l'assuré a droit, sur demande annuelle, à un remboursement complémentaire auprès de sa caisse compétente des participations dépassant le seuil en question.* ».